N°4580
Entrée le 05.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 05. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„Virun engem Mount hate mer d'Madame Landwirtschaftsministesch gebieden, fir d'Konsequenze vun der unhalender Dréchent op d'Recolten anzeschätzen. D'Madame Ministesch hat deemools schonn drop higewisen, datt, wann et net weider reene géif, et beim Mais kéint seriös Engpäss ginn. Dës Situatioun ass mëttlerweil agetrueden, a vu, datt de Mais e wichtegt Kraaftfudder ass, wäert déi schappeg Recolte eise Bauerebetriber nawell zolidd ze schafe maachen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau folgend Froe stellen:

- Wat fir ee Bilan kann een elo scho fir d'Maisrecolte 2026 zéien? Wéi staark wäert den Ausfall am Verglach zum Duerchschnëtt vun de leschte fënnef Joer sinn?
- Riskéiert dësen Ausfall net dozou ze féieren, datt etlech Béischte musse verfréit geschluecht ginn, wat nees zu engem Präisverfall beim Fleesch féiere wäert?
- Wéi schätzt d'Madame Ministesch d'Fudderproduktioun an der Europäescher Unioun an? A wat fir engen anere Länner ginn et och staark Produktiounsdefiziter am Beräich vum Mais an anere Fuddermëttel? Wat fir eng Länner sti besser do wéi Lëtzebuerg?
- Ass de Landwirtschaftsministère amgaang driwwer nozedenken, wéi een de betraffene Baueren hëllefe kéint, fir op breeder Basis Fudder am Ausland anzekafen, fir iwwer dëse Wee an den nächste Wochen a Méint net nach weider Präishaussë mussen a Kaf ze huelen? "

Mat déiwem Respekt,

| André BAULER<br>Deputéierten | Luc EMERING<br>Deputéierten |
|---|---|

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu